LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 173 vum 15. Januar 2024 vum Här Deputéierte Marc Lies.**

*Fro 1: Kann d'Madamm Ministesch mir soe wéi wäit d'Aarbechten um APD (Avant-Projet Définitif) vum Module Sud an dem Contournement d'Alzingen fortgeschratt sinn ? Wéini ass domat ze rechnen datt d'Finanzéierungsgesetz ronderëm dës Strooss an der Chamber ka gestëmmt ginn?*

Den detailléierte Virprojet (avant-projet détaillé - APD) fir de Projet "Contournement de Hesperange/d'Alzingen" gëtt am Moment ausgeschafft. Trotz der héijer Komplexitéit vum Projet, ass d'Ziel den APD Enn des Joers fäerdeg ze stellen.

D'Stroossebauverwaltung huet d'Uweisung dat de Projet zu de Prioritéite gehéiert a schafft deementspriechend drun.

Sollt dëst zäitlecht Ziel da wéi geplangt erreecht ginn, kéint am Laf vum Joer 2025 d'Finanzéierungsgesetz an der Chamber gestëmmt ginn.

*Fro 2: Wéini soll de Rond-point Gluck ëmgebaut ginn?*

Am Kader vun all de Bauaarbechte ronderëm déi nei Nationalstrooss N3, gouf d'Prioritéit op d'Ubannung vum Tram bis op d'Cloche d'Or geluecht an et war deemno wichteg als éischt de Stroosseprojet vun der neier N3 ofzeschléissen.

Den Ëmbau vum Rondel Gluck wäert deemno déi nächst Etapp vun dësen Aarbechte sinn.

D'Ausschreiwungsdossieren ginn am Moment ausgeschafft, sou datt d'Aarbechte viraussiichtlech d'nächst Joer ufänke kéinten.

*Fro 3: Wéini sollen déi zwee Tunnellen tëscht dem Rond-point Gluck an dem Houwald a Betrib geholl ginn?*

D'Kräizung tëscht den 2 Tunnellen, der Rue Rangwee an der Rue des Scillas, ass en nevralgesche Punkt op deem ganzen Tracé. De Phasage vun den Aarbechte bedéngt, datt déi Kräizung eréischt kann an hirer definitiver Form, dat heescht mat deenen 2 Tunnellen, a Betrib geholl ginn, wann och d'Rue des Scillas fäerdeg ausgebaut ass. Enn dëst Joer dierfte dës Aarbechte viraussiichtlech ofgeschloss sinn. Aktuell lafen nach Renovatiounsaarbechten am alen Tunnel Rangwee.

*<u>Fro 4: Wéini soll d'Verbindung tëscht dem Houwald an dem neie Gaasperecher Park gebaut ginn?</u>*

D'Aarbechte ronderëm déi nei Vëlos- a Foussgängerpasserell iwwert de Rondel Gluck (respektiv déi zukünfteg Kräizung) sollen esou getakt ginn, datt se mam Ëmbau vum Rondel kënnen ofgeschloss ginn. De Phasage vun den Aarbechten ënnert lafendem Verkéier op enger vun den Haaptzoufaartsstroossen vun der Stad, erméiglecht et net fir déi zwee Chantiere gläichzäiteg unzefänken, duerfir brauch de Stroosseprojet e gewëssene Virlaf.

*<u>Fro 5: Wéi gesäit et mat der Ëmsetzung vum Echangeur de Hesperange aus?</u>*

Den Ëmbau vum Echangeur Hesper ass schonn an den éischte Pläng vun dem Entwécklungsprojet "Ban de Gasperich", déi ëm d'Joer 2005 ausgeschafft goufen, virgesi gewiescht.

Zanterhier huet d'Konzeptioun puermol geännert op Grond vun enger Evolutioun vun de Mobilitéits- an Entwécklungskonzepter an der direkter Ëmgéigend (Rue des Scillas, Midfield, Pôle d'échanges Howald, asw.).

Eng éischt Phas ass awer scho realiséiert, well am Kader vum Bau vum Pôle d'échanges Howald verschidde Brëtelle vum Echangeur ëmgeännert hu misste ginn, dat nämmlecht gëllt och fir d'Zoufaart vum P+R Sud vum CR231 aus.

An der jëtzeger Planungsphas gëtt de rechtlechen Ëmbau vum Echangeur koordinéiert mat der Entwécklung vun der Zone "Midfield", den Entwécklungsprojete vun der Gemeng Hesper laanscht den CR231 an dem Wiessel vum Standuert vum Centre Douanier Luxembourg-Howald, deen an der Emprise vum neien Echangeur läit.

Lëtzebuerg, den 15. Februar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes